

(par Mme Nelly Stein), Norbert Hauptert, Ady Jung), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Patrick Santer), M. Laurent Mosar (par M. Nicolas Strotz), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Théo Stendebach), Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jean Asselborn), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

*S'est abstenu:* M. Aloyse Bisdorff.

Mir fuere weider mat eisem Ordre du jour a mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4817 iwwert de Bau vun Zentralatelierë fir d'Ponts et Chaussées.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et sinn ageschriwwen déi Här Wohlfart, Bettendorf a Koepf, d'Madame Wagener an den Här Bisdorff.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Nicolas Strotz.

## **5. Projet de loi 4817 relatif à la construction d'ateliers centraux pour l'administration des Ponts et Chaussées et d'un bâtiment administratif pour l'Unité Centrale de la Police de la Route (UCPR) à Bertrange**

### **Rapport de la Commission des Travaux publics**

**M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Härën, beim Projet de loi 4817 geet et drëm fir engersäits eenzelne Servicer vun der Administration des Ponts et Chaussées adequat Raimlechkeeten zur Verfügung ze stellen, fir domat méi rationell a besser koordinéiert Aarbecht kënnen ze leeschten, an anerersäits fir zwou separat Eenheete vun zwou verschiddene Verwaltungen, deenen hir Kompetenze sech deels iwwerschneiden, respektiv ergänzen, an engem Gebai ze vereenegen.

Et dréit sech hei ëm d'Division Centrale de la Voirie vu Ponts et Chaussées, déi ënner anerem och zoustänneg ass fir d'Iwwerwaachung an d'Gestioun vum CITA, dat

heescht „Contrôle et Information du Trafic sur les Autoroutes“, an ëm d'Unité Centrale de la Police de la Route (UCPR). D'Iddi, fir déi zwou Unitéiten an engem Gebai ze vereenegen, ass ze begrëssen. Esou kënnen um schnellste Wee Synergien entwéckelt ginn am Interesse vun der Regelung vum Verkéier an de Kontrollen op den Autobunnen, dat am Interesse vun der Sécherheet vun den Autobunnsbenotzer.

De Projet de loi ass de 27. Juni 2001 vun der Mme Minister déposiert ginn. De Statsrot huet kuerz virun der Vakanz, an zwar den 13. Juli, säin Avis zum Projet ofginn. Den Avis vum Statsrot ass positiv par rapport zum Objet. E gesäit awer e puer liicht textuell Ëmännerunge vir, déi mer dann och als zoustänneg Kommissioun iwwerholl hunn.

An eiser éischter Sitzung vun der neier Sessioun, de 25. September, huet d'Kommissioun vun den Travaux publics mech als Rapporteur bestëmmt an de Projet ass eis vun de Fachleit vun der Administration des Bâtiments publics virgestallt ginn.

An der Sitzung vum 11. Oktober ass de Rapport eestëmmeg ugeholl ginn. Wuelwëssend, an dat nach aus menger Aktivitéit bei de Ponts et Chaussées, dass dëse Projet eng absolut Noutwendegkeet wier, hu mer als Kommissioun eist Beschtméiglecht versicht, fir de Projet esou schnell wéi méiglech hei virun de Plenum ze kréien.

De Gesamtareal, op deem de Projet realiséiert soll ginn, ass 7 ha grouss. Den Terrain läit an enger vun de Bartrenger Industriezonen an huet gréisstendeels der S.A. Chaux de Contern gehéiert, déi do haaptsächlech arméiert Betongsrëier vu grousssem Duerchmiesser hiergestallt huet.

1978 huet de Stat d'Acquisitioun vun deem Terrain gemaach. 1995 huet de Stat zousätzlech d'Gebai vun der Luxelec, dat un deem Areal ugeglicdert war, esou wéi e puer kleng Parzellen, déi hannert deem Gebai louchen, ukaaft. Dat Ganzt formt elo quasi e Rechteck vun 380 m laang an 190 m breed.

Am Laf vun de Jore sinn dunn eenzel Deeler vu Servicer vun der Stroossebauverwaltung an déi bestehend noutdierftig renovéiert Raimlechkeeten agezunn.

1979 den techneschen Deel vun der Division des Eaux vun de Ponts et Chaussées.

1980 huet de Service d'Entretien vun der Autobunn zwee Hangare benotzt fir Salz, respektiv Signalisationsmaterial ze stockéieren.

1981 ass de Service d'Entretien vun de Kläranlagen dobäikomm.

Aus Plazmangel ënnert der Helfenterbréck, wou de Service d'Entretien vun der Autobunn ënnerbruecht war, an nodeems dass d'Iddi, fir op der Cloche d'Or e

komplett neie Centre d'Intervention fir d'Autobunnen opgerichten, fale gelooss ginn ass, sinn no an no bestehend Gebaier um ale Site vu Chaux de Contern rafistoléiert ginn, fir einfach en Ennerdaach ze hu fir e Service, deen, bedéngt duerch den Ausbau vun den Autobunnen, ëmmer méi grouss ginn ass.

Uganks den 90er Joren hunn de Service Atelier an d'Usträicherei vun der Division des Services Régionaux, Bezierk Lëtzebuerg, wéinst dem Oflaf vum Bail déi fréier Ateliere vun der Ford-Garage an der Albert 1er-Strooss misse verloossen. Fir hir Besoinen ofzedeeke sinn dunn um Bartrenger Site déi éischt nei Ateliere fir Schlässerei a Signalisation routière gebaut ginn, déi dann och elo an deen neie Projet mat integréiert ginn.

Dëse bestehende Bau ass en Zweckbau, dee voll a ganz d'Besoinen ofdeckt an och wann hien net an d'Geometrie vun deem geplangten Ensembl erapasst, esou wier et falsch gewiescht dëse Bau duerch Ëmännerungen deem neie Konzept unzepassen. Doduerch, dass dëse Bau an engem anere Wénkel par rapport zu deenen neien Hale steet, entsteet virdrun e Fräiraum, dee genotzt gëtt fir eng Grénganlag drop anzeplangen, wat deem ganze Projet zegutt wäert kommen.

Zum Bau vun engem neien Atelier mécanique, deen deemools mat ageplangt war, ass et leider, trotzdeem de Projet scho säit e puer Joer am Budget steet, nach net komm.

Deen Atelier gëtt dann elo e Bestanddeel vun deem neie Projet, bleift awer budgetär e Projet fir sech, fir dass elo nom Vote schnellstens mat dem Bau kann ugefaange ginn, vu dass d'Detailplangen heifir fäerdeg sinn.

Enn den 90er Jore sinn no verschiddene klengen Transformatiounen am Luxelec-Gebai weider Servicer vun de Ponts et Chaussées no Bartreng verluegt ginn, wéi de Laboratoire d'essai des matériaux, en Deel vum Service géologique, de Service de l'éclairage public an de Service des arbres.

Nodeems dass d'Décisioun getraff war, fir op den Autobunnen en informatiséierten Iwwerwaachungssystem anzeféieren, ass déi dofir benéidegt Zentral um Site Bartreng opgericht ginn, fir esou d'Iwwerwaachungs- an d'Interventiounséquipen op engem Site beieneen ze hunn.

Am Kader vun der Fusioun vu Gendarmerie a Police ass decidéiert ginn, eng Unité Nationale de Police de la Route ze créieren, déi dann och direkt um Site Bartreng a provisoeresche Lokaler ënnerbruecht ginn ass.

An engem Sammelsurium vun engersäits zwee neie Gebaier an anerersäits vu provisoersch aménagéierte Büroen, ouni jeglechen hygienesche Confort, wou d'Garagen iwwert de Site verspreet sinn an deels souguer als Ateliere funktionéiert gi sinn, an deene

knapps déi elementaarst Sécherheitsvirschrëften agehale kënnen ginn, och sëlloch Gefierer am Fräie musse stationnéiert ginn, wéckele sech op deem Site eng ganz Rei Aktivitéiten of, déi kuerzfristeg net méi coexistéieren kënnen, wa keng radikal Verbesserung virgeholl ginn.

Wéi eng Servicer elo definitiv op de Site installéiert ginn, wat hir Besoinen un eenzelne Raimlechkeete sinn a wéi se technesch équipéiert ginn, ass am Detail am Exposé des motifs vum Projet beschriwwen, esou dass ech net méi wëll am Detail op de Projet agoen.

De Projet gliddert sech am Fong an dräi Zonen op:

Eng Zon fir d'Division des services régionaux vum Arrondissement Lëtzebuerg. Déi begräift déi scho bestehend Ateliere fir Schlässerei a Signalisation, un déi sech eng Gréngzon uglickert, an den neien Atelier mécanique. Hei ginn an Zukunft sämtlech Gefierer aus dem Arrondissement gewaacht. Derniewent gehéiert zu dëser Zon och eng Dieseltankstell.

Eng zweet Zon fir d'Division Centrale de la Voirie. Déi begräift administrativ Büroen, Raimlechkeete fir d'Aarbechter, Garage fir Déngschtween, Camionetten, Remorquen a Camione vun all Zort, déi benéidegt gi fir den Entretien vun den Autobunnen, esouwuel am Summer wéi am Wanter, kënnen ze garantéieren. Dann e Gebai an deem d'Streesalz gelagert ass, wat et erméiglecht, e gewëssene Stock op Lager ze hunn. Dëse Bau gëtt wéinst der Aggressivitéit vum Salz aus Holz gebaut.

Zu der Zon II gehéiert och d'Iwwerwaachungszentral vum CITA mat deenen néidege Büroen, deenen néidege Raimlechkeeten, Büroen a Garage fir d'Unité Centrale de la Police de la Route.

D'Besoin fir dës Unitéit ergi sech engersäits aus dem Effektiv, dee 74 Polizisten erreeche soll, an aus dem Fuhrpark, dee 35 Autosgefierer a 50 Motorrieder begräift.

Ech verweisen hei op den Artikel 17 vum Avant-projet de règlement grand-ducal concernant l'administration du corps de police grand-ducale, deen dem schrëftleche Rapport bäiläit. Am Artikel 17, respektiv am Commentaire derzou, ginn am Detail d'Aufgabe vun där Unitéit beschriwwen.

Well déi zwou Unitéiten, déi vun der Police an déi vun der Iwwerwaachung an der Interventioun op den Autobunnen enk mateneen zesumme schaffe mussen, sinn déi an engem Gebai ënnerbruecht, e Gebai, wat an de Raster vum Konzept erapasst, wat sech awer architektonesch schonn eleng doduerch ënnerscheed, dass et dräi Stäck héich ass, während all déi aner Gebaier quasi nëmmen op engem Niveau sinn.

Déi drëtt Zon begräift déi méi kleng Servicer vun de Ponts et Chaussées: de Laboratoire d'analyse et d'essai des matériaux, de Service géologique, de Service

archéologique, d'Division des ouvrages d'art, de Service de l'énergie publique an de Service des arbres.

Besonnenesch am Beräich Labo, Géologie an Archéologie gi Synergien opgebaut. Hei soll och Formatoun kënne gemaach ginn. Och op Öffentlechkeetsaarbecht wäert iwwert de Wee vun engem Parc géologique an archéologique, deen deelweis scho besteet, méi Wäert geluegt ginn.

Réfectoire, Openthaltsraum an anerer am soziale Beräich benéidegt Raim ginn an engem Gebai no bei der Haaptentrée vum Site an der Rue de la Gare agericht.

Déi eenzel Gebaier gi vun zwou Zentralheizungen aus gehëtzt, déi mat Gas bedriwwen ginn. Reewaasser gëtt opgefaangen a genotzt, fir Gefrierer ze wäschen, fir ze botzen an ze netzen. D'Ofwaasser, wat a Kontakt mat Uelech ka kommen, gëtt iwwer spezial Uelechscheider virgerengegt. Déi eenzel Gebaier ginn no engem harmonesch openeen ofgestëmmte Rastersystem, deen de Contoure vum Terrain ugepasst ass, opgericht. D'Drokonstruktiounen vun deenen eenzelne Gebaier sinn aus Stol, déi no engem bestëmmte Modulsystem uneneegereit sinn. Aussewänn bestinn aus engem duebelen an thermesch isoléierte Bardage métallique. Tëschent deenen eenzelne Gebaier ass eng optimal Circulatioun méiglech.

D'Parkplaze vum Personal si parallel zu de Gebaier laanscht d'Rue de la Gare aménagéiert. Den Zougank zum Site geschitt iwwer zwou Entréeën an der Rue de la Gare an enger iwwert där neier Ëmgehungsstrooss, déi op där anerer Säit laanscht de Site via Stroossen féiert. Dës Strooss ass ausgeschriwwen a verginn. Deemnächst gëtt mat den Aarbechten ugefaangen. Op där Säit gëtt och e Schutzwall ugeluegt, fir dass den Impakt vun deenen neien Ateliers a Garage fir d'Uraier aus der Ëmgéigend op e Minimum reduzéiert gëtt. Des Weidere gi ronderëm de Site Gréngzonen ugeluegt.

Bei der Diskussioun an der Kommissioun ass d'Fro opkomm, firwat dass alternativ Energien, wéi zum Beispill Fotovoltaik oder Sonnekollektoren, fir waarmt Waasser opzebereeden, net mat ageplangt wieren, wourop d'Mme Minister geäntwert huet, dass deem, esou wéi an enger Motioun vun der Chamber gefrot an an der Regierung décidéiert ginn ass, Rechnung gedroe soll ginn. Deementspriedend sollen also déi Méiglechkeeten ënnersicht an an de Projet mat aflësse gelooss ginn, wuelwëssend dass de Projet doduerch méi deier gëtt. Dat soll eis awer net dovun ofhalen, op déi alternativ Energien ze verzichten.

De Projet gëtt, bedingt duerch déi vill Aktivitéiten, déi sech um Site ofwéckelen an déi och während der Bauphas oprechterhale mussen ginn, a fënnf Phasen exécutéiert. Wuel bedéngt dat en zäitlecht Hin- an Hierplënnere vun eenzelne Servicer, ass awer net anescht ze realiséieren.

D'Gesamtdauer vum Chantier beleeft sech op sechs Joer. De Käschtepunkt vum Gesamtprojet, ouni d'Dépensé vum neien Atelier fir d'Division des Services Régionaux, dee mat 110 Milliounen zu Buch schléit an deen am Budget op engem separaten Artikel ageschriwwen ass, beleeft sech op 2,216 Milliarde Luf, respektiv op 54,933205 Milliounen Euro. Déi jährléich Entretienskäschte belafen sech laut der nogeliwwerter Note d'accompagnement op 53 Milliounen.

Dësse Projet ass fir d'Verwaltung vun de Ponts et Chaussées an der Police grand-ducale - Verwaltungen, op déi ëmmer erëm nei Erausforderungen duerkommen an déi dofir och a permanenter Evolutioun sinn - e wichtege Projet, deen ech lech géing bidden mat grousser Majoritéit ze stëmmen.

Ofschlëssend wëll ech nach den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn.

### *(Interruption)*

**M. le Président.-** Jo, Här Mehlen, eng Minutt fir eng kleng Interventioun.

**M. Robert Mehlen (ADR).-** Här Rapporteur, Dir hutt gesot, dat soll eis awer net dervun ofhalen, fir op alternativ Energien ze verzichten.

**M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.-** Net ze verzichten.

**M. Robert Mehlen (ADR).-** Da war dat Wiertchen ënnergaangen.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Georges Wohlfart.

### *Discussion générale*

**M. Georges Wohlfart (LSAP).-** Här President, Madame Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen. Ech mengen, et ass dem Här Strotz méi lichter gefall zu dësem Projet de loi säi mëndleche Rapport ofzeginn, wéi dat bei deem Projet virdrun de Fall war. Ech wëllt him och merci soen, well hien huet a sengem schrëftleche Rapport an duerch déi mëndleche Zousätz, déi en ons hei geliwwert huet, en excellenten Historique gemaach, souwuel iwwert d'Entstoe vum Projet wéi de Projet am Detail.

Et ass wichteg, dass déi verschidden Divisiounen vun de Ponts et Chaussées mat hiren néng Servicer, déi jorelaang ënnert relativ schwéiere Konditiounen hui misse schaffen, kënnen an nei an ugepasste Raimlechkeeten an Infrastrukturen a fënnf Joer, wann den Zäitplang vun deenen dräi Phasen, déi virgesi sinn, kann agehale ginn, kënnen ënnerbruecht ginn.

Ech hoffen, dass net nëmme wat d'Sécherheet op der Aarbechtsplaz, mä och d'aarbechtsmedezinesch Iwwerleeungen ugeet, dësse Projet senger Aufgab voll wäert gerecht ginn.

Et ass esou, dass mer zu Lëtzebuerg ëmmer méi Kilometeren Autobunn kréien. D'Autobunnnetz huet

an deene leschten 20 Joer sech vu 77 km op en Total vun 113 km entwéckelt. A wa mer d'Echangeuren derbäi huelen, da kommen nach eng Kéier 66 km derbäi.

Et ass sécherlech esou, dass d'Zuel vun den Interventiounen vun deene verschiddene Servicer vun de Ponts et Chaussées, déi hei ugeschwat ginn, wéi och vum CITA an der Police grand-ducale, déi zu Bartreng elo sollen zesumme fonctionnéieren, all Dag an d'Luucht geet; dass och den Ënnerhalt vun den Autobunnen ëmmer méi opwendeg gëtt an dat alles net nëmmen duerch d'Kilometerzuel vun onse Stroossen an d'Luucht geet, mä virun allem duerch d'Zuel vun den Accidenter an de Stauen op eisen Autobunnen. All Dag kann een dat noverfollegen. Dat huet net nëmmen dermat ze dinn, dass mer zu Lëtzebuerg ëmmer méi Immatriculationen hu vun neien Autoen, et kënnt derbäi, dass dagdeeglech ronn 80.000 Frontaliere mam Auto zum groussen Deel heihinner kommen, ouni vum Transitverkéier ze schwätzen.

Mir hunn haut de Mëtteg dee Gesetzprojet ze stëmmen, deen d'Infrastrukture soll erméiglechen, fir kënnen deem ëmmer méi groussen Opwand un Aarbecht gerecht ze ginn. Och huet den Här Strotz déi Grënn belicht, fir méi eng enk Zesummenaarbecht tëscht dem CITA an der Unité centrale vun der Police de la route, déi am Kader vun dem Fusiounsgesetz vu Gendarmerie a Police vun 1999 festgehale gouf. Et ass gutt, dass et hei zu enger enker Zesummenaarbecht vun deenen zwee Servicer kënnt.

De Projet de loi selwer huet och eng ganz Rei Saachen ofgeséichert, déi soss ganz oft nach zu Diskussioun Ulass ginn hätten. Dat gëllt, wann ech dat gutt gelies hunn, souwuel fir den Uschloss un d'Stroossennetz, dee geséichert schéngt ze sinn, wéi och fir d'Baugenehmigung, wat och heiansdo ganz interessant Diskussiounen eropbeschwiert. Wann ech de Rapporteur gutt verstanen hunn, ass et jo esou, dass wa momentan nach net virgesinn ass, dass mer op d'Cogénération oder op aner Forme vun alternativen Energien zréckgräifen, dat awer net ausgeschloss ass. Ech géif dat perséinlech an am Numm vu menger Fraktioun begreissen.

Ech wollt elo net eng allgemeng Diskussioun féieren iwwer onst heitegt an zukünftegt Stroossennetz, mä mir sinn ons eens, dass et wichteg ass, dass mer ons alleguer mat deenen zoustännegen Ministären zesummesetzen, fir ze kucken, eng Äntwert op zwee Punkten ze fannen, déi ganz einfach sinn, nämlech an Zukunft am Kader vum Aménagement du territoire ze sondéieren, wéivill Stroosse mer nach brauchen, wéini a wou mer se brauchen, an dat am Kader vun der Nohaltegkeet, an dat kombinéiert mat engem Ausbau vum öffentliche Transport an och mat enger Diskussioun, fir eventuell bestehend Stroossen, wann neier derbäi kommen, zréckzebauen. Dat sinn lwwerleungen, déi mer féiere sollen a mussen.

Ech hunn heiansdo d'Impressioun, wéi wa mer an dem Dossier vun dem Stroossebau Pompjee spillen. Mir kréien, wann de Contournement vu Miersch opgeet, mat den Uertschaften am Weste vum Land Problemer. Mir kréien och Problemer wann d'Autobunn fir den Norden fäerdeg ass, wa mer dee Goulot d'étranglement zu Ettelbréck-Schieren kréien. Dat sinn awer Saachen, déi mer laangfristeg am Viraus misste plangen.

**M. Robert Mehlen (ADR).** - Do uewen um Sennengerbiert geet et och scho laang net méi.

**M. Georges Wohlfart (LSAP).** - Ech weess. Mir kréien nach vill Spaass.

Fir dat ze verhënnern, solle mer eng Kéier doriwwer eis Käpp zesummestrecken a kucken, fir déi Problemer am regionale Kader ze léisen.

Mme Minister, ech hunn de Projet vun der Nordstrooss nach eng Kéier gekuckt. Ech wëll lech just soen, wa mir d'Nordstrooss gebaut hunn, hu mir nach keen ee Kilometer Autobunn am Norden. Ech wëll elo net heibannen eng Nordautobunn erbäirieden. Ech wëll lech just soen, mir hunn dann déi Situatioun, dass, wa mer d'Nordstrooss fäerdeg hunn, vun Dikrech un an déi 35 km bis op d'belsch Grenz, mer zwar zum Deel eng dräispureg Strooss hunn, mä mer nach ëmmer 14 km zweespureg duerch d'Éislek an duerch sechs Uertschaften fueren.

Och d'Éislek huet profitéiert vum wirtschaftlechen Opschwonk wéi déi aner Géigende vum Land, dat muss ee klor soen. Wann ee kuckt, wéivill Betriber all Dag aus der Belsch erakommen, wat fir ee groussen Transitverkéier do entsteet, mengen ech, wär et néideg all déi Problemer, déi domat verbonne sinn, an engem Gesamtkontext unzegoen, ob et am Süde vum Land ass oder am Norden, ob et eng Diskussioun ass iwwer eng Drëttspur op enger Autobunn am Süden oder ob mer esou eng op deenen zwou Autobunnen brauchen oder net, an esou weider.

Dat gesot bréngen ech fir dës wichtege Projet, wat d'Ponts et Chaussées an d'Police grand-ducale ugeet, den Accord vun onser Fraktioun.

**M. le Président.** - Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Niki Bettendorf agedroen. Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

**M. Niki Bettendorf (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Deputéierten, awer och als Buergermeeschter vun der Gemeng Bartreng, ass et verständlech, dass ech wëll e puer Wuert zu dësem Projet de loi soen.

Ech soen dem Rapporteur merci fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Wat den Historique vum Site ugeet, ass et bekannt, dass de Lëtzebuerger Stat d'Gebaiheekte vum der Chaux



de Contern 1978 ofkaaft huet. Fir d'Chaux de Contern war dat eng gutt Léisung; Akerland ronderëm d'Fabrik war deemools als Bauland verkaaft ginn; Haiser si ronderëm d'Fabrik gebaut ginn, an domat war d'Schicksal vun der Chaux de Contern zu Bartreng besiegelt.

D'Gemaier, d'Eegentemer, de Stat, d'Ponts et Chaussées hu weíneg Kaméidi gemaach - kee Gestank a kee Stébs - a goufe vun der Bevölkerung positiv opgeholl. An dat ass och haut nach de Fall.

D'Relatiounen tëschent Gemeng a Ponts et Chaussées sinn extra gutt. Wann och d'Ponts et Chaussées kee Betrib ass, deen der Gemeng eppes géif abrénge, sou gëtt et awer indirekt Retombéeën, déi e gutt Zesummeliewe fuerderen. Ech kënnt d'Restauratioun nennen, mä ech kann awer och drun erënneren, dass, zum Beispill am Wanter wa Streedéngscht ufält, en Deel vun de Bartrenger Stroosse fir d'éischt gestreet gëtt, well eben d'Ponts et Chaussées do muss erausfueren. Et huet also alles och seng gutt Säiten.

Ech mengen, dass dëse Projet de loi och e bëssen op d'Dränge vun der Gemeng Bartreng zustane komm ass. An zwar huet d'Ponts et Chaussées sech am Laf vun de Joren zu Bartreng beständig weider ausgedeeent; ëmmer zousätzlech nei Baupläng goufen der Gemeng zwecks Genehmigung ënnerbreet, an den Iwwerbléck ass e bësse verluer gaangen. Dofir huet d'Gemeng e Plan d'aménagement particulier fir de ganze fréieren Terrain Chaux de Contern gefrot. An dat ass, mindestens zum Deel, den Ausgangspunkt fir den heitege Gesamtplan, och wann d'Gebaier net all zesumme realiséiert ginn, mä et ass mat dësem Projet de loi Bewegung an dat Ganzt erakomm.

Eng Maquette vun all de bestehenden an nach ze bauende Gebailechkeete gouf erstallt, a mir konnten als Gemeng gesinn, wéi d'Entwécklung um Site géif weider goen. Haut virun aacht Deeg gouf am Gemengerot zu Bartreng beim provisoireschen Vote de Plan d'aménagement particulier eestëmmeg guttgeheescht.

Zum Plan provisoire muss ech awer och den Avis vun der Commission d'aménagement vum Ministère de l'Intérieur zitieren. En Avis, deen an der Chamberskommissioun vu mir ugeschwat gouf, wouriwwer mir och geschwat hunn, deen awer dem Projet de loi net bäilouch. Den Avis - deen net aussergewöhnlech positiv war - huet gesot, d'Gemeng hätt solle verlaangen, dass op där Plaz méi dense, méi konzentréiert hätt solle gebaut ginn, dann hätt de Stat eventuell eng Parzell Terrain als Reserv behalen.

D'Commission d'aménagement huet zum Beispill virgeschloen, fir méi an d'Héicht ze bauen, fir Plaz ze spueren, wat awer net d'Meenung vun der Gemeng Bartreng ass. Mir hu schonn eng relativ dense Bebauung an der Gemeng, a wa mer net oppassen, an alles

konzentréiert an dense bauen, dann ass Bartreng geschwënn net méi déi Gemeng déi mer haut kennen, an do musse mer virsiichteg sinn. Och an der Chamberskommissioun hu mer dat nach eng Kéier nogekuckt, a mer konnte feststellen, dass ganz vill Gebaier Garagë sinn; an et ass net opportun, fir zum Beispill Bürosraim uewen op Garagen ze setzen.

Ech hunn drop higewisen, dass de leschten Donneschdeg de Plan provisoire provisoiresch genehmegt ginn ass; elo hänkt de Beschloss 30 Deeg aus an d'Reklamatiounen vun de Bierger kënne virbruecht ginn.

Et kënnt ee sech awer d'Fro stellen, ob een net hätt sollen déi Prozedur ofwaarderen, eier mer dëst Gesetz hei an der Chamber stëmmen. Mä, ech kann lech soen, dass - wann ech den Hutt vum Verrieder vun der Gemeng opdinn - dat eis awer näischt ausmécht, dass dëst Gesetz haut hei gestëmmt gëtt, well et e positiven Accent setzt, an ech sinn och iwwerzeegt, dass d'Reklamatiounen sech wäerten a Grenzen halen.

Här President, um Site vun de Ponts et Chaussées zu Bartreng kënnt et zu enger Konzentratioun vu wichtegen Administratiounen, ënnert anerem Administratiounen, déi fir den Autobunnsverkéier immens wichteg sinn. Ernimmt gouf schonn de Centre d'intervention et d'entretien des autoroutes, de CITA, d'Kontroll an d'Informatioun vum Trafic op den Autobunnen, an awer och d'Unité centrale vun der Police de la route, déi schonns provisoiresch op dem Site ënnerbruecht ginn ass, an déi och op adequat Raimlechkeeten op dem Bartrenger Site waart.

Déi dräi Punkten, déi ech hei ugeschwat hunn, brauchen en direkten, sécheren a schnellen Uschloss un d'Autobunn op Helfent. Hei ass viles an der Planung, ech muss just soen, dass d'Exécutioun munchmol ze lues kënnt, well ee vun de Problemer, déi mer op den Autobunnen hunn, dat ass wa mer zum Beispill Accidenter hunn, da muss schnellstens geraumt ginn, d'Autobunnpolizei muss schnellstens kënnen op d'Plaz kommen; an am Wanter, wa muss gestreet ginn, mussen och d'Camione schnellstens kënnen op d'Autobunn kommen.

Do musse mer eis Interventiounsméiglechkeete verbessern, an et kann net sinn, dass d'Route nationale 34 - just den zweeten Deel, dee mer brauchen, fir op d'Autobunn ze kommen - an der Planung nach net wäit genuch weiderkomm ass. Well, wa mer bei der Shell Wagonen oflueden, déi do d'Rue de l'Industrie zousetzen, da kann et net sinn, dass eng Autobunnpolizei net direkt op d'Autobunn dropkënnt.

Dofir ass mäi Wonsch, dass déi Route nationale 34 esou schnell ewéi méiglech an hirer Totalitéit realiséiert gëtt. An dofir si mer och ganz zefridden, dass d'Ponts et Chaussées, an all déi Betriber, en direkten Uschloss an

eng direkt Sortie - den Här Strotz huet et schonn ugeschwat - op d'Route nationale 34 kréien, fir dass se net méi brauchen op d'Rue du Chemin de fer oder d'Rue de l'Industrie erauszekommen, wou et dann heiansdo Schwiereregkeete gëtt.

Och den Autobunnuschloss op Helfent ass, a war vun Ufank un, ganz schlecht. E war schlecht konzipéiert ginn an zwar well et deemools dem Stat un Terrainé gefeelt huet, an dat wëssen och all déi Responsabel. Dofir ass deen Uschloss, deen op d'Autobunn eropgeet an no Süde féiert, esou kuerz, dass egal wat fir en Automobilist - deen net grad e Porsche huet, deen an x Sekonne vun Null op Honnert ass - Schwiereregkeeten huet, fir op déi Autobunn eropzufueren. An dozou muss ech lech soen, dass, wou d'Bartrenger Gemeng déi Aktivitéitszon Bourmicht realiséiert huet, si och dofir gesuergt huet, dass Terrain, just fir de Stat, leie bliwwen ass, fir kënnen déi Opfahrt ze verbessern. Haut ass deen Terrain disponibel, deen deemools net do war, an dofir hoffen ech, dass dës Opfahrt verbessert gëtt an ech sinn och iwwerzeegt, dass dat wäert geschéien.

Déi Betriber, déi sech elo bei Ponts et Chaussées zu Bartreng nidderloossen, mussen d'Méiglechkeet kréien, fir esou schnell an esou sécher ewéi méiglech op d'Autobunn ze kommen. Ech weess, dass dat och de Wunsch ass vum zoustännegge Minister an och vun den zoustännegge staatleche Verwaltungen, an dofir däerfe mer do keng Zäit verléieren, well et vill ze vill regelméisseg ganz uerg Accidenter bei där Opfahrt gëtt.

Ech ka mech erënneren, dass deemools souguer den deemolege Bauteminister eis bei der Realisatioun vun der Aktivitéitszon Bourmicht gefrot huet, fir dass mer do keng Bensinstatioun sollten hirichten, deem mir och nokomm sinn. Et ass eis zwar komesch virkomm, dass een an enger Industriezon keng Bensinsstatioun hiricht. Mä just well mer wëssen, dass et einfach aus Sécherheetsgrënn schlecht ass, wann och nach do géife Camionen erof an dann erëm déi aner Säit erop fueren, si mer dem Wunsch vum deemolege Bauteminister nokomm, a mir hunn him och do kee Bläme ausgeschwat, obschonn dass d'Realisatioun net einfach war.

Dat waren, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi puer Bemierkungen, déi ech zu dësem Projet de loi wollt maachen, an zu deem ech och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei wéilt bréngen. Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Jean-Pierre Koepp agedroen. Den Här Koepp huet d'Wuert.

**M. Jean-Pierre Koepp (ADR).**- Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, ech wëll am Ufank vu menger Ried dem Rapporteur villmools merci soen fir säin ausféierleche Rapport, deen hien eis elo hei presentéiert huet.

Wa mer de Mëtteg hei iwwert de Projet de loi schwätzen, wou et - wéi een esou schéi seet - nëmmen ëm de Bau vun engem Gebai geet, sou däerf dat awer net verstoppen, datt dee virleiende Gesetzestext net vu Muttwëll ass. Wéi mir am Projet gesinn, sinn am Laf vun de Joren eng Hellewull vu weidere Servicer op Bartreng komm, ouni datt awer hannert dëser Entwécklung ee Konzept gestanen hätt.

Iwwer Jore sinn no an no vill Servicer dohi komm, sou dass ee seriöt Schaffen ëmmer méi schwéier ginn ass, an zu gudder Lescht dunn och nach d'Gebai vun der Police a vun der CITA. Woubäi ech awer betoune wëll, dass dës Gebai, mam Kontrollsall fir d'CITA, onbedéngt op dës Plaz, zesumme mat der Police de la route, huet misse kommen, fir dat beschtméiglecht Zesummeschaffe vun deenen zwou verschiddene Verwaltungen ze erméiglechen.

Den ADR setzt sech säit senger Grënnung fir e modernen an dynamesche Stat an. Dofir verlaange mir och eng besser Organisatioun vun de staatleche Verwaltungen an e bessert Equipement fir déi staatlech Servicer. Fir gutt ze schaffe gehéiert och ee passende moderne Kader dozou.

Schonns 1999 hu mir an eise Walprogramm op d'Mësstänn, wat d'Aarbechtsmethode vun der öffentlecher Funktioun ugeet, vu ville staatleche Verwaltungen higewisen. Sou wéi d'Situatioun elo zum Schluss op dem Site zu Bartreng ass, hu sech déi eenzel Servicer géigesäiteg méi gehënnert, sou datt se net optimal konnte schaffen. Et ass also net verwonnerlech, wann ënnert dëse Konditiounen eng gutt Aarbecht zimlech schwéier war. Dobäi sief awer gesot, dass een deene Leit net ka virwerfen, datt se manner gutt schaffen, wann do de Kader, fir hir Aarbecht kënnen auszuféieren, net optimal ass.

Dës Projet de loi ass also batter noutwendeg, an den ADR begréisst et dofir och, dës Projet de loi de Mëtteg hei ze stëmmen. Ech wëll zwar keng Kritik doriwwer maachen, mä mir vum ADR bedauern, dass dës wichtege Projet a fënnef Etappen an a fënnef bis sechs Joer soll gebaut ginn. Bei esou engem grouse Bau misst dach méi séier kënne geschafft ginn, an dofir fuerdere mir déi zoustänneg Verwaltungen op, fir ze iwwerpräifen, ob dës Projet net kënnt méi schnell gebaut ginn.

Dat gesot, wëll ech heimat d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun ginn. Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als nächst Riednerin ass d'Mme Renée Wagener agedroen. D'Mme Wagener huet d'Wuert.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Merci, Här President, ech wäert net weider op de Projet selwer hei agoen, zu deem mir iwwregens och als Gréng kënnen eis Zoustëmmung ginn, an dat weist vläicht dann, dass

mer net hei Oppositoun maache fir Oppositoun ze maachen, wéi dat eis gär ënnerstallt gëtt, mä dass mer duerchaus de Sënn vun esou Strukturen agesinn an dass se och musse Gebaier kréien an deenen et sech schaffe léisst.

Ech wëllt awer op en Thema agoen, dat ech schonn an der Kommissioun opgeworf hunn, an zwar dat vum Integreiere vun den erneierbaren Energien an esou Projeten. Et ass virdu schonn opgeworf ginn. Mir hunn e Projet virleie gehat, wou net un eng Co-Generatiouns-anlag geduecht ginn ass an och net u Fotovoltaik-équipement. Wéi ech an der Kommissioun d'Fro opgeworf hunn, firwat dass dat net de Fall wär, krut ech gesot, et géife keng grouss Besoinen u Stroum bestoen an also wier dat dann net néideg.

Ech stellen awer fest, dass net nëmmen den Ëmwelt-ministère viru kuerzem zwee Reglementer geholl huet, oder d'Regierung, déi Particuliere betreffen an déi virgesinn, dass dat gefördert gëtt, wann ee Fotovoltaik bei sech selwer installéiert an an d'Stroumnetz aspeist, an datt mer hei staatlech Projeten hunn, wou de Stat jo awer da misst eng Pilotfunktoun iwwerhuelen.

Ech stelle fest, dass d'Regierung an d'Parlament a verschiddenen Erklärungen och schonn emol festgehalten haten, dass bei staatleche Gebaier déi Virbildfunktoun dann och sollt applizéiert ginn an dass déi erneierbar Energië sollten integréiert ginn.

Ech mengen och, dass et sënnvoll wär, wann een dat bei deem heite Projet géif maachen, wann et sech géif ubidden, wann een eng Stroumproduktioun mécht op déi Aart a Weis, fir dann och an d'Netz anzespisen, wann eben op där Plaz dee Stroum net gebraucht gëtt.

Och wann déi Méiglechkeet elo soll gepréift ginn, wat an der Kommissioun jo och festgehale ginn ass a wat d'Ministesch och ënnerstëtzt huet, kann ech awer net novollzéien, dass mir nach ëmmer esou Projete virgeluegt kréie vun der staatlecher Verwaltung. Dat hei ass jo net deen eenzege Projet, wou dat de Fall wor. Ech erënnere just drun, mir haten hei virun e puer Méint d'Diskussioun ronderëm den CNA zu Diddeleng, wou mer genau déiselwecht Thematik diskutéiert hunn. Mir hunn och an der Kommissioun e Projet virleien, fir d'Erweidere vun der Cour de Justice européenne um Kierchbierg, wou zwar schonn esou Saachen dra virgesi sinn, mä wou awer am Budget vun deem Projet d'Käschten, déi dat verursaacht, net dra virgesi sinn.

Ech bedauern am Fong, dass mer dat nach net méi systematesch bei eise Projets de loi, wann et ëm Bauprojekte geet, integréieren. Dat bedéngt dann nämlech, dass keng prezis Posten an deene Projete virgesi sinn an dass dann, wann een iwwerhaupt nach eppes ka maachen, dat oft iwwer budgetär Reserve muss geschéien an dat féiert dozou, dass, wann ee sech fir Ëmweltbelaanger asetzt, oder an deem hei Fall fir

erneierbar Energien, ee sech ëmmer erëm muss d'Hand forcéiere loosse a sech mat esou onelegante Praktiken da muss averstanen erklären. Dat fanne mir net gutt a mir hoffen, dass dat och dee leschte Projet ass, deen eis virgeluegt gëtt, wou déi Aspekter net vu virera berücksichtegt sinn a wou déi néideg Gelder dann och dofir net kloer an der Fiche financière vum Projet stinn.

Eppes Ähnlech gëllt am Fong fir d'Problematik vun der Contaminatioun, mat där mer an deem Fall befaasst sinn. Et as jo esou, dass dee Projet op engem Site opgericht gëtt, wou fréier eng Tankstell wor a wou och gesot ginn ass, dass ee sech misst am Beraich vun där aler Tankstell op Contaminatiounen gefaasst maachen. Wéi ech déi Fro opgeworf hunn, krut ech dat bestätegt. Ech krut awer och gesot, dass e Rapport zu där Problematik amgaang wier gemaach ze ginn, mä dee wier nach net disponibel.

Ech ka mer virstellen, dass dat vläicht keng enorm grouss Envergure hei wäert hunn, mä ech fannen et awer net gutt, wann een net am Viraus iwwert déi Saache Bescheid weess a wann een d'Käschten, fir ze décontaminéieren, net kann aschätzen a wann dat och net kloer am Finanzprogramm vun engem Projet mat agebaut ass.

Dat gesot, Här President, an an der Hoffnung, dass mer bei den nächste Bauprojekten net méi déi heiten Diskussioun musse féieren, mä dass d'Integréierung vun den neien an den erneierbaren Energien eng Selbstverständlechkeet hei an deem Stat gëtt, wëllt ech dann nach eng Kéier den Accord vun eiser Fraktioun zu deem Projet ginn.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo d'Ministesch fir öffentlech Aarbechten, d'Mme Erna Hennicot-Schoepges.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.-** Här President, ech géif der Chamber merci soen, well den Accord vun alle Fraktiounen schéngt jo bei deem Projet sécher ze sinn. Et sinn e puer Froen opgeworf ginn. Ech géing an deem Zesammenhank mer erlabe vläicht vun där Plaz aus op déi eng oder aner anzegoen.

Et ass emol fir d'alleréischts déi Ubannung un d'N34. Ech mengen, den Här Bettendorf, als Buergermeeschter vun der Gemeng Bartreng, ass zu Recht beonrouegt weéni datt dann deen Uschloss soll kommen. Och do si mer nees mat engem Prozedurproblem opgehale an esoubal wéi dee geléist ass, wäerte mer méi zügeg déi Strooss kënne bauen. Dat sinn och alles Saachen, déi sech eiser direkter Influenz fir de Moment, wat d'Zäit ugeet, entzéien.

Et ass op jidde Fall noutwendeg, datt dese Projet kënnt, well d'Verwaltung huet ënner onzoumuttbare

Konditiounen, besonnesch wann een déi sanitär Installatiounen an déi Domäner, déi d'Leit ugin, betruecht, geschafft, déi de moderne Konditiounen vum deem wat en Aarbechter zu Recht ka verlaangen net méi entsprechen.

An deem Sënn sinn ech frou, datt de Projet haut seng Zoustëmmung hei am Parlament fënnt. Mir wäerten och déi Bemierkungen, déi gemaach goufe wat den Timing ugeet, eis zu Härz huelen. Ech muss allerdéngs soen, intern ass d'Organisatioun grad op där doter Plaz schwierig, well mer jo eréischt déi eng Hale kënne baue wann déi aner eidel sinn, also wann déi eng dann ofgerappt sinn, fir datt mer op dem Site selwer awer och viru kënne fonctionnéieren. An deem Sënn wäert schonn dofir gesuergt ginn, an ech mengen, d'Ponts et Chaussées si jo selwer Demandeur, datt et séier virugeet, datt de ganze Projet realiséiert gëtt. En ass jiddefalls als ganze Projet hei virgeluegt an och esou zur Approbatioun der Chamber ënnerbreet.

Wat déi ekologesch Moossnamen ugeet, do ginn ech der Mme Wagener eigentlech Recht, well si rennt do offen Dieren an. Mir wäerten an der Verwaltung deemnächst déi doten Aart a Weis fir Projekte virzebereeden nach eng Kéier rappeléieren. Mir hunn net méi spéit wéi gëschter vum Naturmusée en ekologeschen Audit ënnerbreet kritt, e voluminöst Dokument, dat mer préiwe wäerten, ob dat vläicht e Modellcharakter huet, fir dann all öffentlech Gebaier esou engem Audit ze ënnerzéien, fir vu Grond op awer och méi ekologesch kennen ze fonctionnéieren, fir Energie ze spueren a fir iwwerhaupt déi ganz Dimensioun vum der Ekologie méi an d'Statsgebaier eranzebréngen.

Den Här Wohlfart huet eng Fro opgeworf, déi méi wäit ausgeholl huet. En huet sech op d'Stroossennetz insgesamt beruff a gemengt, mir sollten dat méi am Ganzen ugoen. Wat d'Opmaache vum der Autobunn vu Miersch ugeet, kann ech schonn direkt mat enger Äntwert déngen, an zwar ass déi ganz Tangente Ouest jo eng Äntwert op dee Problem, deen den Här Wohlfart ugesprach huet. Wa mer déi Stroossentrace an Zesummenaarbecht mat deene betraffene Gemengen elo amgaang si virzebereeden, da verhënnert näischt, datt, esoubal wéi d'Aarbechten ofgeschloss si wat déi Tracen ugeet, d'Chamber Kenntnis kritt dovun.

En anere Plan sectoriel si mer amgaang auszeschaffe fir de Süden, wou dann och de Minister vum Aménagement du Territoire muss mat untrieden an och den Ëmweltminister, fir ze kucke wéi mer déi Stroossen am Süde mat der Collectrice verbannen a wéi mer méi laangfristeg kënne virgoen. Ech gesinn och do kee Problem, datt, esoubal wéi déi Aarbechten an engem Zoustand sinn, wou och Pläng kënne virgeluegt ginn, déi eppes aussoen, d'Chamber mat informéiert gëtt.

Ech ginn och do der Chamber d'Zousécherung, datt mer eis bei deene Projeten un d'Prozeduren halen, datt mer ganz genau déi verschidde Variantë virleeën, esou wéi et

an der Ëmsetzung vum der Direktiv gefuerdert ass. Och esouguer wann d'Direktiv bis dohinner nach net sollt duerchgesat ginn, da maache mer dat awer no deene Prinzipien.

An deem Sënn, Här President, soen ech allen Intervenante merci a selbstverständlech och dem Rapporteur, deen och bei dësem Projet mat senger Kommissioun gutt Aarbecht geleescht huet. Ech si frou, wann dëse wichtege Projet fir d'Verwaltung gestëmmt gëtt a ganz sécher gëtt dat och der Verwaltung vum de Ponts et Chaussées en neien Opdriff fir gutt Aarbecht ze leeschten am Déngscht vum Lëtzebuerger Stat.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum den Artikelen vum Projet de loi 4817 a stëmmen driwwer of.

#### **Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 59 Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Marco Schank), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Nicolas Strotz);*

*Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Jeannot Belling), Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Marc Zanussi), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener.*



Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Als leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung komme mer elo zu den Naturalisatiounen. Dofir muss ech de Huis clos aussprieche.

**6. Demandes en naturalisation**

De Huis clos ass heimat ausgesprach.

\* \* \*

Mir huelen déi öffentlech Sitzung erëm op.

D'Chamber huet an hirer net öffentlecher Sitzung 11 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugeholl.

**Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptées par la Chambre des Députés le 25 octobre 2001**

1. DE MULDER Robert Victor René, né le 9 septembre 1938 à Gent (Belgique), demeurant à Hachiville
2. DETROZ Daniel Narcisse Yves, né le 24 octobre 1965 à Hotton (Belgique), demeurant à Asselborn/Wincrange
3. GARAY ALVAREZ Juan Rodolfo Clemente, né le 23 novembre 1960 à Punta Arenas (Chili), demeurant à Luxembourg

4. GONÇALVES MACHADO José Carlos, né le 24 décembre 1972 à Junqueira/Vila do Conde (Portugal), demeurant à Niederkorn

5. GONÇALVES RIBEIRO Paula Cristina, née le 6 juillet 1973 à Sao Jorge de Arroios/Lisboa (Portugal), demeurant à Bivange

6. JOUIHRI Mehdi, né le 27 décembre 1971 à Louvain (Belgique), demeurant à Hoesdorf

7. LANDIM VARELA Vitalina, née le 26 décembre 1961 à Santa Catarina (Cap Vert), demeurant à Luxembourg

8. NAYDENOV Ludmil Stamboltchov, né le 17 février 1962 à Pernik (Bulgarie), demeurant à Luxembourg

9. RASSINA Mariiana Mihaylova, née le 11 février 1962 à Studena (Bulgarie), demeurant à Luxembourg

10. THUNUS Edmond Léon Joseph, né le 21 février 1957 à Bruyères/Waimes (Belgique), demeurant à Vichten

11. TRAVANCA RAMOS Georges Edouard, né le 18 septembre 1972 à Differdange, demeurant à Niederkorn

\* \* \*

Den Ordre du jour fir d'Sitzunge vum 13., 14. a 15. November 2001 gëtt lech schrëftlech zougestallt.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 18.14 heures)**